## Liebe Philharmonie ...

... die Bahn tut es. Supermärkte und Boutiquen tun es. Der Online-Handel sowieso. Und auch Theaterhäuser lassen sich nicht bitten, hab ich mir sagen lassen: Wer von einem Kauf zurücktreten will oder muss, kann das unter gewissen Bedingungen tun. Meistens wird ein Gutschein angeboten, manchmal gibt es sogar bares Geld zurück. Wer aber bei dir mal unglücklicherweise ohne Begleitung mit zwei Karten erscheint, darf sich bestenfalls in deinem Foyer als improvisierter Straßenhändler versuchen, um das Restexemplar feilzubieten. Peinlich ...! Etwas Kulanz würde sicher hin und wieder einen Konzertgänger freuen und Vertrauensverhältnisse aufrecht erhalten. Denk doch mal darüber nach, ob du dir nicht soviel Größe gönnen möchtest, zu deinem Fünften. (TA)



Man sieht wohl am Nest, welche Vögel darin sind.

Deutsches Sprichwort

*(FOTO: JEMP ROLLINGER)*

# Den eBac muss erhale bleiwen!

Sparmaßnahmen an der falschen Stelle. Das ist das Mindeste, was man von der vom Unterrichtsministerium kürzlich angekündigten Austeritätspolitik betreffend eBac sagen kann. Module werden nur mehr einmal pro Jahr angeboten, die Zahl der Arbeitsstunden der im Pilotagekomitee tätigen Professoren wird drastisch gekürzt ... alles auf dem Buckel der Schüler.

Als „eLearner“ hatte ich die Möglichkeit, vor einigen Tagen mein „Première“-Diplom in Empfang zu nehmen. Das eBac-Jahr habe ich gewählt, nachdem ich im Vorjahr im klassischen System war und mich dort einem Nachexamen in Mathematik stellen musste. Die Universitätsstudien in London, zu denen ich mich im Abschlussjahr eingeschrieben hatte, begannen schon am 1. September, das Nachexamen fand aber erst in der 2. Septemberhälfte statt. Dank einer begrüßenswerten Flexibilität der englischen Universität konnte ich das erste Hochschuljahr trotzdem beginnen. Als das Resultat des Nachexamens nach dem 20. September (also drei Wochen nach Universitätsstart) schlussendlich veröffentlicht wurde, zu meinem Nachteil, war die Universität, unter Berücksichtigung meiner ersten Tests, einverstanden, mich weiter studieren zu lassen.

Da ich trotzdem das luxemburgische Abitur erfolgreich absolvieren wollte, stellte das eBac-System die einzig mögliche Alternative dar. Abendkurse an mehreren Abenden pro Woche waren ausgeschlossen, da ich das Universitätsjahr über in London wohnte und studierte. In räumlicher Distanz zu den Professoren, aber trotzdem, wegen des Einsatzes moderner Kommunikationsmittel (Skype, E-Mail usw.) sehr nahe an den Lehrern, war es möglich, mit harter Arbeit und der Hilfe extrem motivierter „Proffen“, den Stoff aufzuarbeiten und die Abschlussexamen bestens vorbereitet in Angriff zu nehmen. Die eBac-Mannschaft scheute keine Mühe, jedem einzelnen eLearner zur Seite zu stehen. Die eTeacher scheuchten uns, von Stoff zu Stoff, organisierten unser Lehrpensum und standen (wie die Direktion) auch während der Ferien, spätabends und nachts zur Verfügung. Klassen um 22 Uhr über Videochat waren keine Ausnahme.

Für die alle sechs Wochen stattfindenden Pflichtprüfungen flog ich aus London nach Luxemburg für ein verlängertes Wochenende ein. Während ich den für mich neuen Stoff in der Londoner Universität lernte, kamen während langen Monaten die Abiturarbeiten hinzu. Währen der luxemburgischen Examensperiode nahm ich parallel an den Abschlussexamen in London teil. Mehrere Reisen zwischen London und Luxemburg während dieser Zeit standen auf der Tagesordnung.

Das eBac-System funktioniert. Für viele eLearner (mehr als 100 sind aktuell eingeschrieben, Tendenz steigend) stellt diese Methode wegen Familienverpflichtungen, Arbeitssituationen oder gleichzeitigem Studium an einer Hochschule die einzige Möglichkeit dar, das luxemburgische Abitur erfolgreich abzuschließen. Flexibilität, eingefahrene Wege verlassen, Motivation, all das charakterisiert den eBac.

Die drastischen Sparmaßnahmen hypothekieren den eBac. Die heute eingeschriebenen eLearner würden in ihrem Studium gestoppt, viele Arbeitsstunden wären umsonst, viele Interessenten in ihren Ambitionen brutal gestört. Dieser Preis ist zu hoch. Anstatt nach vorne zu gehen, wäre dies ein Rückschritt. Der eBac muss leben!

Manou Goergen

# Grundschoul

Kommentär zum LW-Artikel „Iwwert eng Emfro“ (10.07.) an Télécran-Artikel „Grundschulreform – zufriedene Eltern, unsichere Lehrer“ (29/2010)

Leider, leider muss ech dem besuergte Papp vu Beetebuerg a ville Punkte vun sengem Artikel Recht ginn. Trotzdeem den Ustouss vun der Madame Ministesch fir eng Schoulreform virzeschloen an duerchzezéie luewenswäert ass, dierf een ni d'Rechnung ouni de Wiert maachen. Och hëllefen zurechtgeformte Statistiken näischt, fir eng nach verbesserungsbedürfteg Schoulreform ze verschéineren.

Als interesséierten an engagéierte Papp, dee säi Bescht versicht, fir sengem Kand e Maximum vu qualitativ héichwäerteger Bildung ze ginn, hunn ech all Reunioun, Invitatioun, Virtrag betreffend d'Grondschoul verfollegt. Ech hunn, ënnert aneren, folgend grouss Richtlinien ënnert dem Konzept Grondschoul verstanen:

- Kompetenzdenken an kompetenzorientéiert Evaluatioun,
- méi gefördert Partizipatioun, Engagement vun den Elteren an de Léierprozesse, dëst ënnert enger transversaler Kommunikatioun.

Et dierf net vergiess ginn, datt et jidderengem ëm d'Wuel vu sengem Kand geet. Ons Kanner mussen sech kënnen an enger Gesellschaft mat staarkem Konkurrenzkampf an der Zukunft staark positionéieren. Ons Kanner sinn och de Garant vu jidderengem senger Zukunft, dëst fir e Weiderbestoe vun onser Kultur an onser Gesellschaft.

Leider beweisen d'Pisa-Studien, datt de Lëtzebuerger Léiermodell ze wënschen iwwreg gelooss huet. D'Ursaache kënnen un der Auswäertungsmethod vun der Studie leien, un der a Lëtzebuerg iwwerprozentual staarker multikultureller Gesellschaftzesummensetzung leien, oder un dem sozialen Ëmfeld, oder un der Schoulform an um Schoulprogramm, oder awer och kënnen d'Ursaachen deels un dem Personal, déi de Léierprogramm vermëttele sollen, leien. No engem éischte Joer Erfahrung fällt mir op, datt effektiv net all Objektiv sech esou ëmgesat huet wéi et ugeduecht wor.

Kompetenzdenken ass sécherlech e Plus, well et fördert schlussendlech den intellektuellen Niveau. Mee domat kann awer och d'Evaluatioun vun de Schüler méi selektiv ginn, an heibäi weise sech déi éischt Mängel. Wéi de Papp vu Beetebuerg gesot huet, kritt een den Bilan eréicht um Enn vun all Trimester präsentéiert. Da kann d'Kand schons am Pëtz leien, da kann et schons ze spéit sinn. Ech stelle mir vir, datt sech, bei Erausschielen vun engem Problem oder enger Schwächt, méi gesonnert an problemspezifisch ëm dat betraffend Kand muss gekëmmert ginn. Datt d'Elteren e Programm a Rotschléi amplaz vu Kritiken mat op den Wee kréien, wéi den Probleem am beschten ze léisen ass.

Et maach sin, datt vill Léierpersonal sech vill Méi gëtt a mat groussem Engagement versicht, deene klengen Däbessen den Programm bäizebréngen. Leider muss ech fäerten, an d'Erfahrung beweist mir et, datt et och ënnert dem Léierpersonal schwaarz Schof ginn, déi net mat der Reform averstane sinn an e Blockage oder eng Art vun Boykott bedreiwen. Op enger Réunioun, un däer ech deelgeholl hunn, fir d'Virstellung vun der Grondschoul, hu sech verschidden Enseignanten derniewt beholl, an der Madame Delvaux hir Kritiken öffentlech bekannt ginn. Aus de veröffentlechte Statistike kann een eng identesch Attitude erausliesen.

Wat d'Kommunikatioun an d'Matschaffe vun den Eltere betrëfft, huet dat sech an der Grondschoul vun menger Gemeng op infrastrukturell Sujeten beschränkt, op z. B. d'Gras op der Wiss nieft dem Schoulhaff regelméisseg geméit gëtt... Mee ons Elterevereenegung gëtt net mat an d'Diskussioun agebonnen an zougelooss, wat de Fong betrëfft, d. h. d'Ëmsetze vum Léierprogramm.

Och zweifelen ech d'Bewäertung vun de Kanner hirem Kompetenzniveau un. D'Form vun der Bewäertung ass zimmlech subjektiv a léisst eng offen Dir a Méiglechkeet fir eng manner gerecht Evaluatioun.

Fakt ass och: De Kompetenzbilan an Niveau vun de Schüler ass och e Spigelbild vun der Stäerkt, d. h. och vun der Kompetenz vum Léierpersonal.

Dofir, léift Léierpersonal, verpasst w.e.g. déi eemoleg Chance net, fir e grousse Gewënn aus der Schoulreform ze zéien, zumols fir am Interessi vun den Kanner, fir Iech selwer an och fir d'Allgemengheet.

E Papp aus dem Zentrum,
deen anonym bleiwen wëll
am Interessi vun sengem Kand